

## EDITORIAL

D'Vakanzenzäit inspiréiert engem eng ganz Rei vermëscht Gedankegäng vun deenen de GAG der hei e puer wëllt erausgräifen.

Vill geschwat a geschriwen gouf schon iwer di Dréchent, di am Ablack a ganz Europa de Karschnatz a Fro stellt, vill méi wéi iwer d'Katastroph am Sahel, wou et 4 Joer laang nët gereent huet. Dobäi brauche mir dach bestëmmt nët ze fäerten, mir kënnen am Noutfall och am Ausland kee Weess an Huewer kafen. Dës Gefor besteet awer doutsécher fir all di ënnerentwéckelt Länner, di gewinnt woren, europäesche Weess geliwert ze kréien. Si mir bereet, hinnen op d'mannst dee gläiche Prozentsaz vu Kar wi fréier zur Verfügung ze stellen, och wann ons Gesamternte nët sou héich as wéi soss Joren? Et as dach typesch fir déi ablécklech

Weltwirtschafts(on)uerdnung, dass, wann et bei ons nët reent, se am Bangla Desh oder an Äthiopien Hunger leiden. An dach hun d'USA, d'BRD, Groussbritannien a Japan et fir néideg fonnt, op der UNCTAD zu Nairobi Bedenken géint en universalen Programm fir de Rohstoffhandel unzemellen!

D'negativ Säit vun der "fräier Maartwirtschaft" weist sech dëser Deeg och nach op enger anerer Plaz: grad elo nämlech, wou an der Schoulvakanz d'Elteren Zäit hun, mat hire Kanner an d'Vakanz ze goen, gin an allen Touristenzentren d'Präisser an d'Luucht. Dobei as aus dem Ausland bekannt, dass iwerhaapt nuren knapp d'Halschent vun de Leit sech eng Reess kënnen leeschten, déi aner musse schon souwisou aus finanzielle Grënn doheem bleiwen. Wat Lëtzebuerg ubelaangt, sin doriwer eemol méi keng Statistiken opzedreiwen. Bekannt as awer, dass am Durchschnëtt den Aarbechter nuren 21 bezuelte Congésdeeg zur Verfügung huet (an e puer Joer vläicht 25). Och do sin d'Gesetzer vun der kapitalistescher Wirtschaft méi staark wéi d'Gesetzer, déi d'Gesondheet verlaange géif.

E lescht Wuert zur Publicitéit vun de Vakanzenhändler: as et nët gelunn, de Leit eng "Evasioun" vun hiren Alldaagsproblemer ze verspriechen, wann een hinnen eng deier Reess mam Flieger wëllt verkafen? Sollt ee nët grad vun der Vakanz profitéieren fir d'Problemer, déi sech op an duerch d'Aarbecht stellen, ze verdéiwen an no Léisungen ze sichen, well ee fir esou Reflexiounen beim Aarbechtsrhythmus, deem haut vum Aarbechter verlaangt gët, dach keng Zäit huet? An dann: kann een iwerhaapt no Spuenien, Jugoslawien asw. "évadéieren", wann ee weess, a welleche Konditiounen d'Mënschen do liewen? Oder: dierf een enzwuersch reesen, ouni ze wëssen, wellech déi Konditiounen sin, a kann een einfach e puer Wochen an engem Land verbréngen an Abstraktioun maachen vun der politescher an sozioökonomescher Situatioun?

GAG